

Pressematdeelung vum 17. November 2020

D'ADR deelt d'Suerge vun der Regierung ëm déi weider héich Zuelen am Ëmfeld vum COVID an ass besonnesch och der Meenung, datt alles muss gemaach ginn, fir eng Iwwerlaaschtung vun de Spideeler ze verhënneren. D'ADR trëtt dowéinst konsequent fir d'Stärkung vum Gesondheetssecteur an. Mir hu viru kuerzem eng deementspreechend Gesetzespropositioun gemaach.

D'ADR erënnert drun, datt den éischte Confinement den ausschliisslechen Zweck hat, d'Spideeler virun enger Iwwerlaaschtung ze schützen. Aacht Méint méi spët ass d'Situatioun nees ähnlech, esou datt d'Fro erlaabt ass, wat d'Regierung gemaach huet, fir d'Spideeler besser virzebereeden an d'Personal ze entlaaschten.

D'ADR constatéiert, datt d'Altersmoyenne vun de Persounen, déi um oder mam Corona-Virus verstuerwe sinn, iwwert déi lescht Woche bei 83,7 Joer läit. Dowéinst ass et wichteg, cibléiert Moosnamen ze huelen, déi eis eeler Matbierger, déi am meeschte menacéiert sinn, schützen. D'ADR privilegéiert dowéinst prioritär eng Strategie fir de Schutz vun eelere Leit géint iwwer aneren, méi allgemengen, Moosnamen. All Moosnamen an dës Richtung mussen awer den eelere Leit e mënschewierdegt Liewen erlaaben an net zu enger Isolatioun vun der Famill an de Frënn féieren, wéi dat am éischte Confinement de Fall war.

D'ADR ass op alle Fall dergéint, Betriber vum Horeca-Sektor zouzemaachen. Am Fall, wou d'Regierung trotzdeem dës Decisioun géing huelen, hale mir drop, datt déi betraffe Betriber dofir vollstänneg kompenséiert ginn. Weder Faillitten nach méi Aarbechtslosegkeet dierfen d'Konsequenz vun esou Moosnamen sinn, an de Chômage partiel muss anstandslos weidergefouert ginn!

D'ADR fuerdert, d'Ausgläichszuelung bei Kuerzaarbecht (Chômage partiel) am private Sektor op 100 Prozent vum Gehalt festzeleeën, amplaz op 80 Prozent wéi elo. Dat wär eng sozial gerecht Moosnam, déi d'Kafkraaft géing stäerken.

Bei de Preventiounsmoosnamen insistéiert d'ADR op déi am Prinzip limitéiert Zoustännegkeet vum Staat op den öffentleche Raum. Agrëffer an déi perséinlech Fräiheeten, besonnesch och an d'Liewe vun de Leit doheem, si fir d'ADR an dëser Situatioun net ze verrieden. D'ADR widderhëlt dowéinst hir Oppositioun géint eng Ausgangspär an och géint all Reegel, déi de Leit virschreift, wéi si sech an hirem privaten Doheem ze verhalen hunn. Et muss der perséinlecher Aschätzung an der Eegeverantwortung vun de Bierger iwwerlooss bleiwen, wéi vill Leit si bei sech doheem wëllen empfänken.

En Agrëff vum Staat an d'Privatliewe vun de Leit ass anormal. De Bierger soll sech senge Rechter a Fräiheete bewosst bleiwen. D'ADR warnt virun der gesellschaftlecher Entwécklung, datt staatlech Agrëffer an d'Privatliewe kéinten als eng Normalitéit ugesi ginn. Fir d'ADR dierfen déi perséinlech Fräiheeten an d'Recht, normal ze liewen, keng Affer vun dëser sanitärer Kris sinn.